Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Februar 2026

Avis LGBTQ+-Sujeten an de Schoulen & Unisex-Toiletten

Identitéit ass keng Fro vun Debatt, mee vu Respekt

D'CNEL, déi national Schülerkonferenz, stellt mat Bedauere fest, dass am Ament e Sujet ronderëm perséinlech Identitéit d'Schoulcommunautéit spléckt. Dëst Thema geet wäit iwwert d'Diskussioun vun den Unisex-Toiletten eraus. Schonn am Joer 2024 goufen um offizielle Site vun der Chamber zwou Petitiounen zum Thema LGBTQ+ an der Schoul agereecht: eng, déi sech dofir asetzt, dass dës Theme méi präsent an der Schoul behandelt ginn, an eng aner, déi dës Themen net an der Schoul gesäit. Dat weist dass dëse Sujet aktuell an der Gesellschaft zur Debatt steet.

Dofir ass et fir eis als CNEL wichteg, net nëmmen d'Diskussioun ze verfollegen, mee och ze reflektéieren, wat esou Debatte fir d'Schoul an hir Communautéit bedeite kënnen. Egal ob et ëm bestëmmten Themen am Schoulprogramm geet oder ëm d'Diskussioun ronderëm d'Toiletten, d'Conclusioun fir eis bleift déi selwecht:

Mir als CNEL engagéieren eis fir eng oppen, respektvoll a solidaresch Schoulgemeinschaft, wou jidderee säi Recht op Akzeptanz a Sécherheet huet.

Mir sinn der Meenung, et sollt een sech ëmmer d'Fro stellen: Wëll een, dass d'Schüler iwwer esou Theme begleet ginn an domat méi Akzeptanz géintiwwer dësen Theme weisen, oder léiwer, dass LGBTQ+-Themen tabu bleiwen? Wann dës Themen tabu bleiwen, riskéiere mir, d'Schüler an en Ëmfeld ze setzen, wou Desinformatioun, Virurteeler an Ausgrenzung wuesse kënnen. Dëst kann zu Mobbing, Diskriminatioun oder engem Gefill vun Onsécherheet féieren. Dofir ass et wichteg, Opklärung an oppen Diskussiounen ze förderen, fir eng respektvoll, inklusiv a solidaresch Schoulgemeinschaft ze garantéieren.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Mir als CNEL si der Iwwerzeegung, datt d'Schoul an eiser komplexer a diverser Welt haut net nëmmen den Optrag huet, Fachwëssen ze vermëttelen an eis op Exame virzebereeden, mee och eis sozial Kompetenzen an demokratesch Wäerter ze förderen. D'Realitéit vun eiser Gesellschaft, besonnesch hei zu Lëtzebuerg, ass villfälteg.

D'Fro vun der perséinlecher Identitéit huet zu all Zäit zum Liewe vun de Mënsche gehéiert. Si ass keen neit Phänomen, mee en dauerhafte Bestanddeel vun eiser Gesellschaft, deen ëmmer en Deel vun de Leit betrëfft.

Genee dowéinst soll d'Schoul e séchere Raum sinn, an deem Schüler d'Méiglechkeet kréien, Themen am Zesummenhang mat Identitéit an Diversitéit ze verstoen an opgekläert ze ginn. Net jiddweree kritt dëst vun doheem aus mat op de Wee, aus ganz verschiddene Grënn. Spléckung entsteet net doduerch, datt en Thema an der Gesellschaft existéiert, mee éischter doduerch, datt net oppen an éierlech doriwwer geschwat gëtt.

Eng Schoul, déi gewësse Realitéiten ignoréiert, riskéiert an dem Moment, datt sech betraffe Schüler net eescht geholl oder net respektéiert fillen. Wann d'Schoul och fir all Schüler do soll sinn, da muss si och d'Realitéit vun all Schüler unerkennen. Wéi kann eng Institutioun, déi d'Schüler op d'Gesellschaft virbereede soll, Diversitéit ignoréieren, déi een Deel vu genau där Gesellschaft ass?

Eng sachlech, sensibel an adequat Opklärung kann also dozou bäidroen, Mobbing, sozial Ausgrenzung an Intoleranz ze reduzéieren. Eng oppen Diskussioun iwwer esou Theme stäerkt d'Géigesäitegt Verständnis a kann der Polariséierung entgéintwierken.

Mir als Schülervertrieder si der Meenung, datt esou Themen eng Plaz am Schoulprogramm sollen hunn. Selbstverständlech verstoe mir d'Suerge vun den Elteren, ob dës Themen dem Alter vun de Schüler ugepasst sinn. Genausou héiere mir d'Argument, dass d'Schoul neutral soll bleiwen.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

D'CNEL gesäit Neutralitéit awer net als „näischt behandelen"; Schoul kann net neutral sinn, wann si Wäerter wéi Respekt, Gläichberechtegung, Toleranz, Grondrechter a Meenungsfräiheet net vermëttelt. Eng neutral Schoul bedeit fir eis, dass all Schüler a Schülerin an engem oppenen, inklusiven a respektvollen Ëmfeld opwuesse kann, an där sozial Kompetenzen an demokratesch Wäerter e wesentleche Bestanddeel vum Léierprogramm sinn.

Mir vertrauen drop, dass d'Léierpersonal dës Theme verantwortungsbewosst an adequat opbereet, sou dass d'Schüler an den Diskussiounen aktiv matmaachen a d'Diversitéit vun Identitéiten, Liewenserfarungen a Meenunge kenne léieren. Sujete wéi dës hëllefen nämlech, méi Verständnis an Toleranz fir d'Schüler vun der LGBTQ+-Communautéit ze stäerken.

Eis Missioun als CNEL läit net doran, d'Majoritéit vun de Schüler ze vertrieden, mee all Schüler, an sech fir all eenzelne Schüler an eise Schoulen anzesetzen. Eng inklusiv Schoul ass keng Ideologie, mee eng Noutwendegkeet fir eng respektvoll an inklusiv Gesellschaft. Mir dierfen nu mol net vergiessen, dass e Schüler och e Schüler bleift, onofhängeg vu Faktoren zu senger perséinlecher Identitéit!

Mir als CNEL begréissen, dass niewent den Jongen- a Meedche-Toiletten och Unisex-Toiletten agefouert ginn, déi vun alle Schüler benotzt kënne ginn. Dëst erméiglecht et, dass all Persoun, onofhängeg vun hirer Identitéit, en Zougang zu sécherer an inklusiver Infrastruktur huet. Eng esou Léisung ënnersträicht och d'Wäerter vu Respekt, Akzeptanz a Diversitéit, déi an der Schoul geleiert solle ginn.

Eng oppen an inklusiv Schoul ass keng Optioun, mee eng Verantwortung!
Am Numm vun der CNEL,

Semir Honsic
Vize-President CNEL

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu